

Ëmmer rout, oder dach villäicht iergendwann gréng?

Et war eemol ee Mann, dee stoung virun enger roudere Luucht. Déi Luucht war rout an de Mann huet drop gewaart, dass si gréng géif ginn. De Mann huet gewaart a gewaart a gewaart... an d'Luucht war ëmmer nach rout. An hien huet gewaart a gewaart a gewaart... mais d'Luucht wollt einfach net gréng ginn. De Mann ass iwwert dem Waarden ëmmer méi al a méi schwach ginn, mais d'Luucht blouf weiderhi genausou rout wéi virun. Iergendwann war de Mann sou al a sou schwach, dass hie viru senger Luucht gestuerwen ass. A säi leschte Gedanke war: "Firwat ass déi Luucht ëmmer rout bliwwen?" T ass schwéier ze soen, firwat dee Mann ee ganzen Deel vu sengem Liewen drop gewaart huet, dass d'Luucht soll gréng ginn. Et kann ee sech och froen, wou hien d'Gedold an d'Kraaft an de Wëllen duerfir fonnt huet. A nach eng Fro bleift ouni Äntwert: Wat wier geschitt, wann den Doud de Mann eréischt méi spéit viru senger Luucht ewech geholl hätt? Wier déi dann awer op eemol gréng ginn oder hätt de Mann weiderhi misse bei rout stoe bleiwen an ëmsoss weider waarden?